PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JUIL. 2019
912

Lëtzebuerg, den 18/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Gesondheet, Sozialversécherung & Sport weiderzeleeden.**

*Am Koalitiounsaccord steet geschriwwen, dass d'Regierung ee legale Kader fir E-Sports opstelle wäert an dozou déi sozial a wirtschaftlech Froen betreffend dëser neier Sportsdisziplin analyséiert solle ginn. An dem Kontext sollt awer och d'Gesondheet an d'Bildung an dësem Beräich net vernoléissegt ginn, speziell wat d'Computerspillsucht ubelaangt. Den Gaming Disorder ass 2018 am International Classification of Diseases (ICD-11) als Krankheetsbild unerkannt ginn a no enger Studie vun der Pädagogischen Hochschule Heidelberg sollen tëscht 4 an 8 Prozent vun de Jugendlechen weltwäit dovunner betraff sinn. Europäesch Etuden situéieren d'Prävalenz bei Jugendlechen och ronderëm 4%. Zu Lëtzebuerg ginn et awer aktuell keng offiziell Zifferen, déi iergendwéi d'Computerspillsucht méisst.*

*Zesummegefaasst betruecht muss d'Färderung vum E-Sports mat enger Suchtpräventioun- a behandlung Hand an Hand goen. Hei ass d'Regierung, sou wéi et mir zougedroe gouf, wéineg virbereet. Virun allem an der Computerspillsuchtbehandlung ginn et zu Lëtzebuerg keng adequat Léisungen mat der Konsequenz, dass een d'Patienten fir Behandlungen an d'Nopeschlänner schéckt.*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Vu, dass d'Computerspillsucht (ICD-11) zu Lëtzebuerg nach net am Diagnoseschlëssel existéiert, mat wéi engen Moosinstrumenter mësst de Gesondheetsministère d'Fäll vun Computerspillsüchtegen zu Lëtzebuerg?
    - Falls keng Donnéeë virleien, gesäit de Gesondheetsminister d'Noutwennegkeet fir d'Computerspillsucht an d'Nomenklautura vun den Diagnosen opzehuelen?
    - Falls nee, firwat net?

2. Wéi vill Sue sinn, opgeschlësselt pro Joer säit 2014, am Beräich vun der Computerspillsuchtbehandlung an d'Primär- souwéi d'Sekundärpräventioun vu Computerspillsucht investéiert ginn? Wéi eng Projekter goufen heibäi ënnerstëtzt?
    - Falls keng Donnéeë virleien, gesäit de Minister fir Sozialversécherung d'Noutwennegkeet fir d'Computerspillsucht an d'Nomenklautura vun der CNS opzehuelen?
    - Falls nee, firwat net?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Computerspillsucht aktuell ee Problem ass oder an Zukunft zu Problemer kéint féieren?
    - Falls jo,
        - mat wéi enge Geforen a Risiken ass an Zukunft ze rechnen?

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

  - mat wéi enge Mesure wäert d'Regierung dëse Geforen a Risiken entgéintwierken?
- Falls d'Regierung nach keng Stellung zur Computerspillsucht huet, wéi eng Etüde gedenkt si dozou an Zukunft ze realiséieren an ab wéini?

4. A wéi engem Ëmfang ënnerstëtzt d'Regierung lëtzebuergesch ASBLen, déi am Beräich vun der Computerspillsuchtbehandlung aktiv sinn? Wéi eng weider Projekter si vum Gesondheetsministère an dësem Beräich virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale, de Monsieur le Ministre des Sports et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 912 du 18 juillet 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le "Trouble du jeu vidéo"**

---

Am Regierungsprogramm steet effektiv ennert dem Volet E-Sport, deen, gemäss dem „Arrêté grand-ducal du 28 mai 2019 portant constitution des Ministères“ ënnert d’Kompetenz vum Sportsministär fällt, dass déi wirtschaftlesch an sozial Enjeuen vum E-Sport waerten evaluéiert ginn an dono dann een koherenten juristeschen an reglementareschen Kader, deen zu der Entwecklung an der Unerkennung vum E Sport waert feieren, proposéiert ginn.

Et sief dann och op dëser Plaaz drun erënnert, dass d’Piraten an hierem Walprogramm fir d‘Chamberswalen 2018 sech fir eng offiziell Unerkennung vum eSport als Sportaart agesaat hun. „Aen-Hand-Koordinatioun, séier Reflexer an de Besoin fir ze trainéieren beweisen, datt E-Sport eng richteg Sportaart ass an als sou eng sollt unerkannt ginn“ huet et do geheescht.

Den honorabelen Deputeierten mengt elo, net zu Onrecht, dass d’Fërderung vum E-Sports misst mat enger Suchtpräventioun – a Behandlung Hand an Hand goen.
An do ass d’Regierung, entgeint den Behaaptungen vum honorabelen Deputeierten, an besonnesch an der Computerspillsuchtbehandlung, schon virbereed.

D’Klassifikatioun vun de Krankheeten ICD-11 déi 2018 vun der Weltgesondheetsorganisatioun (Organisation mondiale de la santé – OMS) ugeholl ginn ass, an am Moment praktesch getest gëtt, gesäit effektiv d’Gaming Disorders als nei Kategorie vu Krankheete vir. D’OMS proposéiert dës néi Klassifikatioun da vun 2022 un an de Memberlänner z’implementéieren. Dëst ass awer e progressive Prozess, wou d’Länner sech selwer eng “date butoire” setzen (z.B. huet d’Belsch décidéiert dës eréischt 2027 anzeféieren), a Lëtzebuerg wäert natierlech och no 2022 op déi nei Klassifikatioun iwwergoen, de genauen Datum muss nach fest geluecht ginn. Bis dohin benotzen mir weider d’ICD-10 am Secteur hospitalier.

D’Erfaasse vun de Fäll vu Computerspillsucht ass schwiereg, well de Contenu vu Gesondheetsakten nët ëmmer statistesch festgehal gëtt. Sou z.B. gëtt am “Ambulatoire” aktuell keen detailléierte Codage vun den Diagnose gemaach, am Géigesatz zur “Hospitalisatioun” wou, wéi schonns gesot d’ICD-10 benotzt gëtt. Falls een do eng komplett Iwwersicht wëllt hunn, besteet also net nëmmen e Besoin d’Klassifikatioun à jour ze setzen, mee och d’Dokumentatioun vun der Diagnose-aktivitéit z’erweideren.

Och wann d’Offer am Beräich vu Präventioun a Behandlung zu Lëtzebuerg sécherlech nach kann ausgebaut ginn, muss een trotzdem feststellen, dass verschidde Schrëtt a Punkto Präventioun a Behandlung vu Computerspillsucht awer scho gemaach gi sinn. Mat der Sensibilisatiounscampagne

"Apprivoiser les écrans et grandir" huet de Service Audiophonologique vun der Gesondheetsdirektioun am Joer 2018 ronn 12.000.- € an d'Primärpräventioun investéiert.

Dës Campagne ass eng Adaptatioun vun der Campagne 3-6-9-12 vum Dr Serge Tisseron aus Frankräich an der et drëm geet den Elteren, je no Alter vun hire Kanner, Opklärung a Rot ze ginn fir richteg mat de Bildschirmmedien ëmzegoen. Et ass awer och ze bemierken dass zanter 2011 de Gesondheetsministère d'Asbl "Anonym Glécksspiller" ënnerstëtzt a Form vun enger Conventioun. Dës Asbl beschäftegt Spezialisten aus dem Beräich Spillsucht a proposéiert mat hirem Projet "Game Over" Sekundarpräventioun a Behandlungen.

Mat dëser Conventioun sinn zanter 2011 409.253 Euro (2011: 40 000.- €, 2012: 40 300.- €, 2013: 40 344.- €, 2014: 40 344.- €, 2015: 41 151.- €, 2016: 41 897.- €, 2017: 48 567.- €, 2018: 54 344.- €, 2019: 62 306.- € sinn engagéiert ginn, 49 845.- € sinn bis elo ausbezuelt ginn) vum Gesondheetsministère am Beräich vun der Computerspillsucht investéiert ginn.

Computeren, Tabletten, Smartphones, Internet, an esou weider, sinn net méi aus dem beruflechen, gesellschaftlechen a privatem Alldag ewech ze denken. Et handelt sech engersäits em Hëllefsmëttelen déi d' Liewen erliichteren mee si denge och der Kommunikatioun an der Ënnerhalung. Am breet gefächerten Domaine vun der Ënnerhalung, huelen Computerspiller (i.e. gaming) eng grouss Plaz an, zemools bei deene Jonken. Den exzessive Gebrauch vun dëse Medien ass hautzedaags schonn am ganz jonken Alter ëmmer méi heefeg. Besonnesch am Beräich vun der sozialer a kommunikationneller Entwécklung kann dës Problematik zu Schwieregkeete féieren an et besteet e kloere Risiko am Beräich vum kierperlechen a séilësche Wuelbefannen a vun de schoulesche Kompetenze bei de Kanner a Jugendlechen.

Et ass awer ganz wichteg dat pathologescht Suchtspillen vum intensive Computerspillen ouni Suchtkomponent ze ënnerscheeden. Et muss kloer sinn, dass op kee Fall eng Persoun, déi intensiv mat Videospiller spillt, automatesch e Suchtverhalen obweist. Obwuel d'Fäll vu Computerspillsucht unerkannt musse ginn an Hëllefsstrukture garantéiert musse ginn, bleiwen dës Fäll éischter seelen an d'Regierung wëll dëst Thema méi breet ugoen.

Säit 2010 besteet mat BEE SECURE eng gemeinsam Initiativ vum Educatiouns-, Wirtschafts- a Familljeministère mam Zil, d'Bierger, besonnesch awer d'Kanner an d'Jugendlecher, fir e verantwortungsvollen Ëmgang mat den neie Medien an Technologien ze sensibiliséieren. Koordinéiert gëtt d'Initiative vum Service national de la jeunesse (SNJ) a Kollaboratioun mam Kanner-Jugendtelefon. SecurityMadeIn.lu ass e wichtegen operationnelle Partner an dëser Initiativ.

Déi ze intensiv Notzung vun neie Medien an Technologien ass eng vu villen Thematiken déi bei der Sensibiliséierungsaarbecht vu BEE SECURE ugeschwat ginn. Dës fënnt virun allem am Kader vu Formatioune statt:

- Formatioune fir Kanner a Jugendlecher : 2018 goufen 874 Formatiounen, haaptsächlech am Enseignement Secondaire an am Enseignement Fondamental gehalen awer och a Maison Relais a Jugendhaiser.
- Formatioune fir Erwuessener : 2018 goufe véier Formatioune fir Senioren, 75 Elterenowenter a 24 Formatioune fir Enseignantë gehalen.

BEE SECURE schafft reegelméisseg Informatiounsmaterial a Campagnen zu spezifeschen Themen aus. Zum Thema vun der Medienofhängegkeet wären dat zum Beispill:

- Publikatioun/Guide « Kuck mat wat deng Kanner maachen »
- Informatioun um Site vu BEE SECURE: « Jouer aux jeux vidéo pendant des heures : un signe systématique de dépendance ? »
- Thematesch Campagne fir de Grand Public : vu September 2013 bis August 2014 huet BEE SECURE an Zesummenaarbecht mat der Berodungsstell « Ausgespillt / Game Over » vun der anonym Glécksspiller a.s.b.l. d'Campagne BEE BALANCED iwwert Medienofhängegkeet duerchgefouert. Mat der Formule « 1+1=0 » als zentrale Message gouf drop opmierksam gemaach, datt et wichteg ass e gesonden Ausgläich tëschent dem Mediekonsum an anere Beschäftegungen ze hunn. De Message gouf iwwer Affichen (ong. 3.000 Stéck) Deplianten (ong. 30.000 Stéck) an Evenementer (ong. 30) verbreet.

BEE SECURE bitt och d'Méiglechkeet eng personaliséiert Berodung iwwer Telefon ze kréien:

- BEE SECURE Helpline (8002-1234) ass eng gratis Ulafstell fir Persounen, déi sech zu Theme ronderëm d'Notzung vun neie Medie wëllen informéieren oder berode loossen. Ënnert der Leedung vum Kanner-Jugendtelefon kréien d'Persounen hei professionelle Rot a kënnen och, wann et noutwendeg ass, un aner Berodungsstellen (z.Bsp. Ausgespillt / Gameover) weidergeleet ginn.

BEE SECURE konnt an de leschten 18 Méint feststellen (An de Formatiounen, Demanden op der Helpline, Opriff vu Publikatiounen/News op der Websäit) dat eng gréisser Nofro do ass, fir Rotschléi ze kréie wéi een de Mediekonsum vu Kanner a Jonken op eng sënnvoll Aart a Weis ka strukturéieren. An dem Kontext gëtt aktuell och un engem Guide fir Eltere mam Sujet „Bildschiermzäit" geschafft.

Wéi schonns bemierkt ass 2018 d 'Campagne: *"Apprivoiser les écrans et grandir"* vun der Gesondheetsdirektioun an d 'Liewe geruff ginn, fir Jonker an hir Elteren zum Thema ze sensibiliséieren an ze informéieren. Wichteg ze bemierken ass, dass et generell em de Notzen vun digitale Moyenen a Medien geet, an deem d'Spillsucht nëmmen eng vun de méigleche Geforen duerstellt. An deem Sënn ass et an der genannter Campagne dann verständlecherweis och em all Aspekter vum "Notze vu Bildschiermer" gaangen an och fir iwwer Informatioun an Opklärung eraus, Recommandatiounen un d 'Elteren an déi Jonk ze ginn an dat spezifesch fir verschidden Altersgruppen.

All dës Aspekter sollten och an Zukunft an erweiderter Form an Études iwwert Gesondheetsverhalen, Wuelbefannen an Enquêten a Schoulen mat berücksichtegt ginn fir déi existéierend Donnéeën ze aktualiséieren an ze ergänzen mat dem Ziel d 'Präventioun an d 'Offeren vu Prise en charge a Behandlung deementspriechend weider ze développéieren. An deem Kontext ass och ervirzesträichen dass an der internationaler Etude HBSC (Health Behavior Study in School-aged Children) bäi der Lëtzebuerg säit 2006 regelméisseg all 4 Joer deelhëlt, 2010 an 2014 schoons eng Fro iwwert d'Zäit déi d'Kanner virum Computer verbréngen gestallt ginn, an an Zukunft wäert dësen Typ Froen sécher weider ausgebreet ginn a méi an d'Detailler goen. D'Zäit virum Ecran ass sécher e Faktor deen d'kierperlech Inaktivitéit beaflosst an domat e Risikofaktor ass fir eng ganz Rei chronesch Krankheeten.

D'Regierung gesäit verschidde Mesure fir, fir den Elteren an de betraffene Jonken de korrekten Ëmgang mat Medien bäizebréngen an esou dësem Trend, a gläichzäiteg der Gefor vun engem Suchtverhalen, entgéint ze wierken:

D'Campagne "Apprivoiser les écrans et grandir" vun der Gesondheetsdirektioun gëtt weider ausgebaut. Am Laf vun 2019 wäerten d'Partner am Beräich vun der jonker Kandheet ugeschriwwe ginn (Crèchen, Maisons-Relais, Pédiateren, Generalisten, asw.) a Sensibilisatiounsmatérial sou wéi Formatiounen am Beräich vum Ëmgang mat de Medien wäerten ugebuede ginn. Dofir sinn och d'Orthophoniste vum Service audiophonologique vun der Gesondheetsdirektioun spezifesch forméiert ginn.

De Service audiophonologique organiséiert zanter 2019 och 2 bis 3 Elterenowenter de Mount fir d'Eltere vu Neigebuerenen am Beräich vun der Sproochentwécklung ze sensibiliséieren. D'Thema Medien gëtt och an deenen Owenter behandelt.

D'Personal vun der Divisioun vun der Schoulmedezin vun der Gesondheetsdirektioun ass och forméiert am Beräich vum Ëmgang mat de Medien a wäert verschidde Rotschléi a Formatiounen och am Kader vun hiren Interventiounen an de Schoulen ubidden.

Schlussendlech wäert di bestoend Conventioun tëscht dem Gesondheetsministère an der Asbl "Anonym Glécksspiller" och weiderhin de betraffene Leit eng Ulafstell bidden. Am September dëst Joer ass och eng Entrevue zwëschen dem Gesondheetsminister an den Responsabele vun dëser Associatioun virgesinn fir iwwert d 'Entwécklungen an deem Beräich ze schwätzen.